



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 27. November 2020

Här President,

REÇU
Par Christine Wirtgen , 14:44, 27/11/2020

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech lech, dës parlamentaresch Fro zu den Opwandsentschiedegungen am Conseil vun der Coque un de Minister fir Sport weider ze leeden.

Onsen Informatiounen no sinn d'Opwandsentschiedegung pro Mount, souwéi d'Jetons de présence fir de Conseil vum Centre National Sportif et Culturel d'Coque rezent erhéicht ginn.

An désem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann de Minister dës Informatione bestätegen?
2. Wann jo, wat sinn d'Grënn fir des Erhéijung?
3. Wann jo, em wéi vill sinn Opwandsentschiedegung an Jetons de présence eropgaangen an op wiem seng Initiativ hin?

Här President, ech bidden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Nancy Arendt ép. Kemp
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Luxembourg, le 7 janvier 2021

REÇU
Par Alff Christian , 08:08, 08/01/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n° 3218 de l'honorable Député Madame Nancy Arendt épouse Kemp au sujet des indemnités et jetons de présence des membres du conseil d'administration du Centre national sportif et culturel

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire n°3218.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch



Le Ministre

Réponse de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire n° 3218 de l'honorable Député Madame Nancy Arendt épouse Kemp au sujet des indemnités et jetons de présence des membres du conseil d'administration du Centre national sportif et culturel.

Op d'Froe vun der honorabeler Deputéierten iwver d'Indemnitéiten, respektiv d'Jetons de présence vun de Membere vum Verwaltungsrot vum Centre national sportif et culturel, ass fir d'Éischt ze soen, datt dem Artikel 3 Punkt 9 vum ofgeännerte Gesetz vum 29. Juni 2000 no, dat de Centre national sportif et culturel organiséiert, d'Indemnitéiten an d'Jetons de présence vun de Membere vum Verwaltungsrot vum Centre vum Regierungsrot fixéiert ginn, an "à charge" vum Centre selwer sinn, dee sech ronn zur Hallschent duerch Eegemëttel finanzéiert.

Dës Indemnitéiten a Jetons de présence sinn zanter dem September 2000 net méi ugepasst ginn a waren och net indexéiert.

Am Kader vun der Ernennung, respektiv der Erneierung, vun de Mandater vum Verwaltungsrot vum Centre am Juli¹ dëst Joer, huet d'Regierung och op Demande aus dem Ëmfeld vum Verwaltungsrot hin, d'Indemnitéiten an d'Jetone souwuel der Deierecht, spréch der Inflatioun, ewéi och der méi grousser Verantwortung vum Verwaltungsrot vum Centre, deen an Tëschenzäit ronn 90 Leit beschäftegt, ugepasst.

D'Indemnitéiten an d'Jetons de présence aus dem Joer 2020, sinn deemno, op Grond och vun dësen Iwwerleeungen, finalement an der Moyenne verduebelt ginn am Verglach zu den Indemnitéiten, respektiv Jetonen, déi am Joer 2000 fixéiert gi waren. Och sinn d'Indemnitéiten elo indexéiert, esou datt eng weider Upassung an Zukunft, am Prinzip, net méi néideg wäert sinn.

1. ¹ ARRETE GRAND-DUCAL DU 23 JUILLET 2020 PORTANT NOMINATION DES MEMBRES DU CONSEIL D'ADMINISTRATION DU CENTRE NATIONAL SPORTIF ET CULTUREL « D'COQUE ».